N° 5198
Reçue le 09.11.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.11.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/11/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

De sougenannten *EduPôle* (Pôle Ressources de l'Éducation Nationale) regroupéiert zu Walfer eng ganz Rei Ariichtungen aus dem Domaine vum Enseignement op engem Campus.

Grad vun Enseignanten aus dem Fondamental gëtt de Site heefeg besicht, well hei villfälteg Formatioune vum IFEN (Institut de formation de l'éducation nationale) ugebuede ginn. Nodeems dës Formatiounen am Ufank vun der Covid-19 Pandemie zäitweileg just an digitaler Form ugebuede goufen, sinn d'Weiderbildunge säit geraumer Zäit nees en présentiel.

Un de Weiderbildungen huelen deemno Enseignanten aus verschiddenste Gebaier a Klassen deel, déi all Dag a Kontakt mat jonke Kanner sinn, déi nach net géint de Covid geimpft konnte ginn. Dofir ass et wichteg ze verhënneren, dass duerch d'Formatiounen Infektiounsketten entstinn, wou Enseignanten aus engem Gebai de Virus matbréngen a wärend der Weiderbildung aner Enseignanten ustiechen, déi de Virus dann an hiert Gebai mat weider huelen. Dofir gouf rezent entscheet, dass d'Formatiounen elo sollen ënnert dem Covid-Check-Regime ofgehale ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass bekannt, ob et um *EduPôle* schonn zu gréisseren Infektiounsketten oder enger erhéichter Unzuel un Infektioune bei Persounen, déi de Site besicht haten, koum? Gouf de Covid-Check agefouert, well et zu enger erhéichter Unzuel un Infektioune komm war?

2. Goufen iwwert de Covid-Check eraus Precautioune geholl, fir Covid-19-Infektiounen ze vermeiden?

3. Wéi eng sanitär Mesuren ware virun der Aféierung vum Covid-Check um IFEN, bzw. um *EduPôle* en place?

4. Ass de Minister der Meenung, dass am Kontext vun den aktuellen Covid-19-

Infektiounszuelen soll um Presenzunterrecht um IFEN festgehale ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5198 vum honorabelen Här Deputéierte Marc Goergen**

**Ad 1)**

Et ass kee Fall bekannt, wou um Site eduPôle zu Walfer Infektiounsketten entstane wieren.

Zanter dem 1. Dezember 2021 gëllt de generaliséierte CovidCheck um Site eduPôle fir all Mataarbechter. Ausgeschloss vum CovidCheck si just déi Raimlechkeete vum Site, zu deene Schüler, Benotzer a Visiteuren Zougang hunn, souwéi d'Formatioune vum IFEN. Vum 3. Januar 2022 u ginn d'Formatiounen um IFEN ënnert dem CovidCheck duerchgefouert.

**Ad 2)**

Um Site eduPôle ginn déi generell sanitär Mesuren a Recommandatioune vum Gesondheetsministère applizéiert.

**Ad 3)**

Wéi an der Äntwert zu der Fro 2 erwäänt, ginn a goufen um Site eduPôle ëmmer déi sanitär Mesuren a Recommandatioune vum Gesondheetsministère applizéiert.

De CovidCheck gouf um IFEN just fir eng kleng Unzuel u Formatiounen applizéiert, wou d'Dispositioun vum Sall et net erlaabt huet, fir déi sanitär Mesuren anzehalen.

**Ad 4)**

Aus den Äntwerten op d'Froen 1,2 an 3 geet ervir, datt et aktuell kee Grond gëtt, fir d'Formatiounen en présentiel um IFEN ze reduzéieren.

Lëtzebuerg, den 13. Dezember 2021

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH